# Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg

## Psychose



© Karin Feyen

27. März 2025 | 18:30-20:30

Centre Sociétaire et Sportif Gare
Lëtzebuerg

De **Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg** ass eng aner Form vun Austausch a Verstoe vun Psychosen a riicht sech u Mënsche mat perséinlecher Erfarung, Familljen a Frënn aus hirem Ëmfeld a Professioneller aus dem Gesondheetsberäich.

Den Trialog huet keen therapeuteschen Usaz mee ass e Forum fir e gläichberechtegten a respektvollen Austausch tëscht deenen ënnerschiddlechen Gruppen.

D'Ziel ass et fir Virurteeler entgéint ze wierken an zesummen en neit Verständnes an nei Weeër am Ëmgang mat Psychosen a psychiatreschen Erkrankungen ze sichen.

Wat beschwat gëtt ass vertraulech. Et muss een net matdeelen op ee Betraffenen, eng nostoend Persoun oder e Professionellen ass, fir um Trialog deelzehuelen.

Bei dësem éischten Trialog sinn d'Organisateure vum Heidelberger Trialog invitéiert, déi mat eis hiert laangjäregt Wëssen an Erliewe vum Trialog deelen.

No hirer Presentatioun diskutéiere mir wéi den Trialog zu Lëtzebuerg ëmgesat ka ginn. No enger Paus gi mir dann zesummen an een éischten Austausch zum Thema Psychose.

D'Haaptsprooche vun dësem éischten Trialog si Lëtzebuergesch an Däitsch. Dir kennt Iech awer och op Franséisch ausdrécken.

*La compréhension du luxembourgeois et de l'allemand est nécessaire. Vous pouvez cependant vous exprimer en français.*

Fillt Dir Iech ugesprach a sidd bereet äert Wëssen an Erliewen an engem vertrauleche Kader ze deelen?

Dann zéckt net fir beim éischte Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg dobäi ze sinn.

Deelhuelen um Trialog ass gratis an ouni Aschreiwung.

Mir freeën eis op ee gemeinsamen Austausch.

## Programm
## Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg
## Psychose

**27. März 2025 vun 18:30-20:30**

**18:30** Begréissung

**18:40** Presentatioun **Heidelberg Trialog** an Austausch zum Thema **Psychiatrie Trialog Lëtzebuerg**

**19:30** Paus

**19:45** Zäit fir Äert Thema an deem wat Iech wichteg ass

**20:30** Ofschloss

## Weini?

De 27. März 2025
Vun 18:30-20:30 Auer

## Wou?

Centre Sociétaire et Sportif Gare
29, rue de Strasbourg
L-1839 Lëtzebuerg
2. Stack – Salle multifonctionnelle

## Nach Froen?


info@trialog.lu
+352 24 77 55-15 (Médiateur Santé)
www.trialog.lu



Dëse Projet op privat Initiativ gëtt ënnerstëtzt vum

Médiateur Santé

www.mediateursante.lu